



(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Deen nächste Projet, dee mer diskutéieren, ass de Projet de loi 6116 iwwert d'Statute vun der Agence internationale pour les énergies renouvelables. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Härën Oberweis, Kox an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt nach eng Kéier d'Wuert.

9. 6116 - Projet de loi portant approbation des Statuts de l'Agence internationale pour les énergies renouvelables (IRENA), faits à Bonn, le 26 janvier 2009

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, d'Approvisionnement mat Energie ass eng vun de gréissten Erausforderungen, mat där eis heiteg Welt konfrontéiert ass. De steigende Verbrauch hei an eisen Industrielänner, d'wirtschaftlech Entwécklung an de Schwellelänner an och d'Wuesse vun der Weltbevölkerung hunn eng grouss Inzidenz op d'Nofro vun Energie.

Mat engersäits der Fro vun der Energiesécherheet, déi domat zesummenhängt, dass déi fossil Energiequellen net onendlech sinn, an anerersäits, dass de Klimawandel nëmmen anzédämmen ass, wa manner CO₂ ausgestouss gëtt, kritt d'Promotioun vun erneierbaren Energien ëmmer méi eng wichteg Roll. D'Flambée vun de Pétrolspräisser an och d'Ofhängegkeet vu ville Länner vun de fossilen Energien ass eng aner Ursach, dass et zu engem Émdenken a Wiessel an der Energiepolitik, net nëmmen an Europa, mä op der ganzer Welt komm ass oder nach komme muss. D'EU huet och schonn eng Kéier geholl an hirer Energiepolitik mat der Initiativ 20-20-20, déi ech jo net brauch ze erklären, well Der se all kennt.

Also ass et kloer a logesch, dass d'Zréckgräifen op erneierbar Energien eng vun den Hauptpisten ass, fir dat ambitiëst Zil ze erreechen. De Recours op erneierbar Energie stéisst awer oft op Obstaclé politescher, ekonomescher an technescher Natur. Et ass an deem Kader, wou et noutwendeg ginn ass, eng international Institutioun ze schafen, déi sech ëm d'Promotioun vun den erneierbaren Energie këmmert.

Um Ursprung vun esou enger Iddi stoungen Eurosolar, wou eise Kolleeg Henri Kox jo de Lëtzeburger Vertrieder ass, an och de Conseil mondial pour les énergies renouvelables. D'Agence IRENA, International Renewable Energy Agency, gouf also doropshin am Januar 2009 zu Bonn an d'Liewe geruff. Bei der Grënnungsversammlung waren 124 Staten dobäi. Et hunn der direkt 75 ënnerschriften a bis haut huet souguer en Total vun 142 Staten ënnerschriften. Iwwregens och d'EU huet als EU selwer och ënnerschriften.

Mir schwätzen also haut iwwert d'Statuten. D'Haaptmissioun vun IRENA geet aus dem Artikel 2 vun de Statuten ervir. Si soll, ech zitieren: «L'Agence encourage l'adoption accrue et généralisée et l'utilisation durable de toutes les formes d'énergies renouvelables (...)» Den Artikel 3 seet, wat erneierbar Energie sinn: d'Bioenergie, Energie géothermique, hydroélectrique, d'Énergie des océans, Solarenergie an d'Wandenergie.

IRENA soll e Centre d'excellence gi fir d'Technologie vun den erneierbaren Energien an se soll och d'Roll vun engem Facilitateur, Catalysateur spillen. Et muss eng Base de savoir entwéckelt ginn, politesch Berodung an Technologietransfert solle gefördert ginn. Och d'Berodung a Finanzfroen, d'Stimulatioun vun der Recherche an d'Zesummeschaffen op deem ganze Gebitt solle wichteg sinn.

D'Organer sinn eng Assemblée, e Conseil an e Sekretariat. Wéi déi Organer funktionéieren, kënnst Der am schrëttleche Rapport noliessen. E wichtegen Artikel ass den

Artikel 12 iwwert de Budget vun der Agence: Dee gëtt duerch Contributions obligatoires a Contributions volontaires vun de Länner finanziert. D'Participatioun vu Lëtzebuerg sinn 30.000 Euro pro Joer.

Déi reschtlech Artikelen, dat sinn alles Artikelen - dat kann ech lech erspueren - iwwert d'Immunitéit an iwwert d'Relatiounen mat aneren Organisatiounen. De Marcel Oberweis - ech hu mech mat him ofgeschwat - wäert nach e bësse méi am Detail op déi erneierbar Energien agoen. Dofir kann ech dat och spueren.

Mir haten och eng Diskussioun an der Kommissioun iwwert déi Direktiv, déi Lëtzebuerg nach muss bis Enn dës Joers ëmsetzen. Den Här Kox hat do nogefrot, wou mer mat der Ëmsetzung dru sinn. Ech hunn do e ganzt Kapitel an de Rapport bäigesat, dat ech och elo net hei wëll virdoen, dat kann en do noliessen. Ech wollt just soen, dass ech als Vertrieder vun der LSAP hei den Accord ginn, dass mir mat deene Statute vun där Agence d'accord sinn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci. Ech mengen, den Här Angel war méi wéi kloer an detailléiert iwwert d'IRENA. Ech géif elo wierklech proposéieren, datt mer géifen zum Vote kommen. Ah, den Här Oberweis wëllt onbedéngt nach dozou schwätzen, da kritt den Här Oberweis nach d'Wuert.

(Interruptions)

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, wann ech mech midd maachen, e Rapport ze schreiwen, dann droen ech en och hei vir.

► **Une voix.**- Och e Rapport...

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Erlaabt mir am Ufank dem Rapporteur, dem Marc Angel, Merci ze soe fir dee schrëttleche Rapport an och de mëndlech virgedroenen hei.

(Interruption)

Ech wëll just e puer Wuert soen awer, well et ass awer mindestens wäert, dass een nodenkt. Hei an dem Haus gëtt vill geschwat iwwer aner Problemer, déi d'Welt änneren, ob et d'Finanzkris ass oder d'Wirtschaftskris ass. Eng aner Kris, d'Émweltkris, déi dreift d'Mënschen herno nach vill méi ëm wéi d'Geld.

D'Émweltkatastroph, déi sech am Abléck am Golf vu Mexiko ofspillt, huet niewent de Käschten a Milliardenhéicht doriwwer der Mënscheit gewisen, dass et Zäit ass doriwwer nozedenken, wéi mir eisen onmoosseg Energiehonger, bis elo Erduelech, Kuel an Erdgas, an der Zukunft decke wëllen. Am Secteur vun de fossilen Energie si mer mat der Tatsaach konfrontéiert, dass déi, déi mer do dauernd benotzen, lues a sécher zu Enn ginn. Net fir näischt engagéiere sech ab elo déi grouss Multie schonn eleng an déi erneierbar Energien, déi jo elo am Mëttelpunkt vun eise Projet de loi stinn.

Mir kënnen soen, dass 2009 dat wichtegst Joer fir d'Entwécklung an der Ausbreedung vun den erneierbaren Energie wor. Virun 53 Joer ass d'Agence vun der Atomenergie gegrënnt ginn. Viru 36 Joer ass déi international Agence fir Energie zu Paräis gegrënnt ginn, déi eis jo dauernd soll Informatiounen ginn iwwert de Verbrauch an iwwert d'Reserven. An d'lescht Joer, de Marc Angel huet et gesot gehat, ass d'IRENA zu Bonn an d'Liewe geruff ginn. Hir Haaptaufgab ass ganz kloer, d'Notzung vun den erneierbaren Energien op dem Weltplang ze promovéieren.

Et ass och ganz gutt, dass de Siège op Abu Dhabi geluecht ginn ass, fir eleng déi, déi am Pétrol- an am Erdgassektor sinn, mat eranzezéien. Mat der Europäescher Kommissioun sinn elo schonn 143 Länner an dese Veräin opgeholl ginn, an de Budget bedréit 13,7 Milliounen. Net vill, mä wat faszinéierend ass: Et sinn eleng 48 Länner aus Afrika a 37 Länner aus Europa Member vun der IRENA.

Wa mir déi gefuerdert Emissiounsreduktiounen vun den Dreifhausgasen tant soit peu bis 2030 erreeche wëllen, da mussen mir haut scho vun de fossilen Energie fortommen an eis den erneierbaren Ener-

gien zouwennen. Nëmme mat dese packe mir d'Lutte am Klimawissel, den Challenge Nummer 1 fir ons Gesellschaft.

Dierf ech drop hiweisen, dass eleng am Joer 2008 ronn 120 Milliarden Dollar fir d'Notzung vun den erneierbaren Energien investéiert goufen? Mir hunn am Beräich vun der Solarenergie scho ronn 16.000 Megawatt an am Beräich vun der Wandenergie ronn 121.000 Megawatt opgestallt, Tendenz klammend. Haut eleng scho si Milliounen Aarbechtsplaze an deem opstrieuende Beräich entstan. Trotzdem läit den Undeel vun erneierbaren Energie momentan eréischt bei 18% op dem Weltplang. A wann ee bedenkt, dass d'Energie-nofro bis 2050 ëm weider 50% klëmmt, mat falende Ressourcë Kuel, Erdgas an Uelech, da kann ee sech d'Chance vun den erneierbaren Energie gutt virstellen.

Duerch den Émstand, dass IRENA vun 143 Partner gedroe gëtt, kënnst et sécherlech zu groussregionalen a kontinentiwwerspannende Zesummeschlëss an der Notzung vun erneierbar Energien. Notamment hei an Europa si mir schonn amgaangen, duerch d'Verknëppung vun der Offshore-Wandenergie-Zentral un der Ostséi an am Nordmier, de Solaranlagen a Spuenien an a Portugal, souwéi d'Biomassenzentralen a Mëtteleuropa ee formidabelen, intelligente Réseau fir d'elektresch Energie opzebauen. D'IRENA stellt...

(Interruption)

Jo och fir lech, Här Bettel, wann Der wëllt esou gentil sinn, ass Energie och eng interessant Saach, well eleng mam Geld...

(Brouhaha)

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Interruptions et hilarité)

► **M. le Président.**- Sou, elo lauschtere mer dem Här Oberweis no, well en huet nach eng knapps Minutt.

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- An ech kommen zum Schluss.

(Hilarité)

Ech hu meng Zäit gutt ausgerechent.

D'IRENA stellt also eng Chance fir Europa duer, an och fir Lëtzebuerg. Mir müssen an der Notzung vun den erneierbaren Energien, souwuel heiheim wéi och dobaussen an der Groussregioun, eng eemoleg Chance gesinn. Well mir jo Aarbechtsplaze schafe kënnen, an doriwwer eraus d'Dreifhausgase reduzéiere kënnen, an d'Ofhängegkeet vun deenen Energien, déi ech elo grad genannt hunn, ofbauen.

Dierf ech drop hiweisen, dass d'Energie-agence zu Paräis eng Prognos elo kuerz gemaach huet,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- ...laut där 5.000 Milliarden Euroen an de kommenden 20 Joer an dese Secteur investéiert kënnen ginn; eng Chance fir Europa a fir d'Welt?

En effet, IRENA bedeit dës Chance fir all Bedeelegt, well si fir jiddwer Land déi erneierbar Energien ënnerstëzt, déi an deem Land disponibel sinn. Mir hu keng Miereswellenenergie, mir hunn awer anerer, déi mer notze kënnen. Dës Initiativ muss onbedéngt ënnerstëtzt ginn. Et handelt sech ëm eng einfach an eng formidabel Win-win-Situatioun fir d'Mënschen an och fir d'Natur.

Duerfir bréngen ech den Accord vun der CSV eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Oberweis, an ech mengen, no där Interventioun bleift wierklech näischt méi. Den Här Kox fillt sech och nach eng Kéier beruff. Den Här Kox kritt nach d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Här President, ech wëll just drun erënneren, dass Dir zesumme mat de Fraktiounspresidenten deen Ordre du jour hei opgestallt hutt, an da musst Der awer esou fair kënnen sinn, deenen Interventiounen, déi elo nach kommen, och mindestens zwou, dräi Minutten nach kënnen ze ginn, fir hire Mesage kënnen eriwwezeginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Ech wëll dann och mäi fréiere Professor Marcel

Oberweis, déi Zäit vum Technikum, och hei ënnerstëtze fir déi gutt Interventioun. Ech wëll och do deem näischt méi zousoen iwwert d'Wichtigkeet vun erneierbaren Energien. Ech denken, dass dese Projet vill opweist, an eng Zukunftstechnologie, déi och an der Debatt vun „Europa 2020“ den Donneschdeg an de Vierdergrond gestallt gëtt. Mä eleng eng Agence wäert eis den Energiewandel u sech net bréngen.

Ech wëll just op zwee Punkten hiweisen. Mir hu wuel eng international Agence. Mir feelt eng oder eis feelt eng europäesch Agence, eng ähnlech Agence, nämlech d'Europäesch Unioun war an deem Domän federführend. Si war souwuel an der Fotovoltaik, an der Solarenergie, an der Wandenergie, a villen neien Technologien federführend, huet awer dee mëttlerweilen ofginn, an et sinn elo Länner wéi China, et si Länner wéi souguer d'USA, déi hei de Schneid ofkafen, wat d'Entwécklung vun den erneierbaren Energien, wat d'Entwécklung insgesamt vun zukünftege grëngen Technologien ugeet.

Ech hoffen, dass eis Regierung - an do kann ech och bedauern, dass fir dës Regierung d'Kompetenz hei vun deem Projet an dem Wirtschaftsministère läit, an net am Émweltsministère, well do hätte mer sécherlech méi Initiative kënnen dee Moment erreechen.

Wann ee seet op europäeschem Niveau, da muss een awer och soen op lëtzeburgergeschem Niveau. Dir wësst alleguerten, Lëtzebuerg huet eng Strategie mat ënnerschriften, déi do heescht bis 2020 am Energieberäich, sief et bei der CO₂-Reduktioun, 20% an der Effizienz an an den erneierbaren Energien och 20% ze erreechen. A Lëtzebuerg huet den Accord ginn, fir 11% kënnen ze maachen. Déi 11% müssen an enger Strategie festgeschriwwen ginn, an déi sollt dann och vun dëser Regierung elo fir den 20. Juni op Bréissel geschéckt ginn.

Déi Strategie, déi och viru kuerzem virgestallt gouf, nämlech den 19. Abrëll an der Chambre de Commerce, wou vill Associatiounen an och Handwerksbetriber invitéiert waren, ass alles anescht awer wéi ernüchternd. Alles gëtt erëm nom ale Schema vun Fräikafe gemaach. D'Potenzialer, déi hei a Lëtzebuerg sinn, ginn net genuch erschöpft. A mir wäerten erëm och do de Chèquebeidel huelen, fir ze kucken, méiglechst vill kënnen anzekafen.

Mir bedauern dat, dass erëm eng Chance verpasst gëtt, eng Chance, dass mer déi Ofhängegkeet vis-à-vis vum Uelech och hei a Lëtzebuerg verpassen. Mir vermëssen d'Chance fir och en Handwerksberäich. Dir wësst alleguerten, dass ganz vill Handwerksbetriber mëttlerweil an deem Beräich tätég ginn an och do d'Chance op nei zukunftschräitend Aarbechtsplazen erëm verpasst gëtt.

Ech ginn d'Hoffnung awer net op. Vlächht hëlt d'Regierung nach déi eng oder déi aner Bemierkung mat an hire Plang a versicht nach eng Kéier dat ze iwwerschaffen, ier et op Bréissel geet. Well, wat mech am meeschten dorunner stutzeg gemaach huet, ass, dass den Tanktourismus an dëser selwechter Etüd 2020 nach ëmmer deeselwechten ass wéi elo 2010, dass mer absolut keng Efforte maachen an Energiere-duk-tioun, dass mer keng Efforten an där Etüd maachen, wat d'Effizienz ubelaangt. An duerfir mengen ech, dass mer dat onbedéngt müssen nach eng Kéier iwwerschaffen.

Mir kréie muer héchstwahrscheinlech och d'Geleeënheet, am Kader vun der Debatt iwwert den Nohaltegkeetsprogramm respektiv den Donneschdeg de Mëtteg iwwert d'Entwécklung fir „Europa 2020“, wou dat jo och eng vun de Prioritéite sollt sinn, esou dass ech mech dann awer elo innerhalb vu menge fënnf Minute ka bewegen, an da bréngen ech trotzdem zu deene Kritiken, déi hei am Land lafen, den Accord vu menger Fraktioun fir de Bäitritt zur IRENA.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!



► **M. le Président.**- Merci dem Här Kox, an domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zum Vote iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procura-tion.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marcel Oberweis), Lucien Weiler (par M. Lucien Clement), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Fernand Diederich), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Lucien Lux), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen), MM. Roger Negri et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Paul Helming (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou décidéiert.

Deen nächste Projet de loi, dee mer haut um Ordre du jour hunn, ass de Projet de loi 6121 iwwert d'Meeschterprüfung. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell fest-geluecht a bis elo sinn ageschriwwen: déi Häre Schaaf, Berger, Adam a Gibéryen. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Pro-jet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

10. 6121 - Projet de loi portant modification de la loi du 11 juillet 1996 portant organisation d'une formation menant au brevet de maîtrise et fixation des conditions d'obtention du titre et du brevet de maîtrise

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation profes-sionnelle et des Sports

► **M. Ben Fayot (LSAP), rappor-teur.**- Merci, Här President. Dëse Projet huet als Objet, d'Gesetz vum 11. Juli 1996 iwwert de Meeschterbrëif unzepassen. Et ass en éischter techneschen Text, mä e concernéiert trotzdem all Joers zwëschen 900 bis 1.000 Kandidaten am Handwierk. Mir wësse jo, dass d'Handwierk d'Häerz-stéck vun der Lëtzebuurger Economie ass, an d'Handwerksmeeschter sinn déi, déi zu engem groussen Deel dat Häerzstück fonc-tionnéieren dinn a weiderentwéckelen.

Dëst Gesetz beschäftigt sech fir d'Éischt mat der Organisation vun de Coursen, déi jo bekanntlech vun der Handwierker-kummer organiséiert ginn. Et gëtt zum Beispill preziséiert, dass déi Coursen sous forme modulaire ofgehele ginn, wat et 1996 nach net gouf. Da ginn déi Coursen opgezielt a par rapport zum Gesetz vun 1996 preziséiert. D'Coursé fir d'Meeschter-prüfung ginn opgemaach fir Leit, déi sech

weiderbilden an an hirem Beruff perfekti-o-néiere wëllen, jee no de Plazen, déi zur Verfügung stinn.

Dann huet et geheescht an der ursprüng-lecher Fassung vum Gesetz, dass d'Cours de pratique professionnelle organiséiert gi selon les besoins. Hei muss ech e bësse méi prezis ginn, well mer op dëser Plaz am Gesetz eng Opposition formelle vum Conseil d'État haten. De Statsrot huet nämlech zwou Saache formell ofgelehnt: engersäits, dass d'Cours de pratique pro-fessionnelle géifen organiséiert ginn, wéi et am Gesetz geheescht huet, selon les be-soins, an anersäits huet en och kritiséiert, dass d'Lëscht vun de Beruffer vum Minister - zwëschen Anführungszeichen - „arrê-téiert“ géif.

De Statsrot seet, wéi Der jo bei de Schoul-projeten ëmmer wësst, dass d'Verfassung virgesäit, dass, wat d'Formatioun ugeet, alles muss am Gesetz stoen. Näischt also dierf d'Gesetz der Exekutioun iwwerloos-sen. Dofir huet e proposéiert, dat Wuert „arrêté“ duerch de Minister ze ersetzen duerch „publié“ par le ministre, wat jo da keng Décisioun, mä eng faktuell Mesure wär.

Dann huet de Statsrot gesot, dass d'Cours de pratique professionnelle net - zwë-schent Guillemeten - „selon les besoins“, well dat jo dem Minister géif eng Marge vu Manöver loosse, mä à la demande d'un candidat stattfanne missten. Ons Kommissioun huet sech deem Wonsch vum Statsrot gefügt an dee vum Statsrot proposéierten Text agefügt.

Mir hunn awer gemengt, an dat steet esou am Commentaire des articles, dass et zwar e verfassungsméisseg Recht wär, fir esou Coursen ze kréien, mä dass een esou engem Wonsch nëmme kéint an engem Délai raisonnable nokommen, wann dann e puer Kandidaten zesummekéimen.

D'Chambre des Métiers, déi jo dës Coursen organiséiert, huet sech och zu Wuert ge-mellt an huet an engem Brëf vum 2. Juni 2010 un d'Madame Minister geschriwwen, bei der Lëscht, déi vun Ministère de l'Édu-cation nationale publizéiert géif, géif et sech ëm all d'Coursen handelen, an net nëmmen ëm d'Cours de pratique profes-sionnelle. Et wär also geféierlech, huet d'Chambre des Métiers gesot, fir dës Dier esou wäit opzemaachen, wéi de Statsrot dat proposéiert, well jo d'Mëttele vun der Chambre des Métiers beschränkt sinn an d'Organisation vun all deene Coursen eng grouss Charge fir d'Chamber ass. An, huet d'Chambre des Métiers gesot, wann dat sech géif erweisen, dass dat vill zousätzlech Chargé fir d'Chambre des Mé-tiers wär, da misst de Stat hëllef mat Suen a mat Personal.

D'Kommissioun huet dës Ängscht vun der Chambre des Métiers zur Kenntnis geholl, well mer déi wichteg Roll vun der Chambre des Métiers op dësem Gebitt kennen an ze wërde wëssen. Mir hunn am Commen-taire des articles dofir probéiert, op méig-lech Abusen an ze grouss Belaaschtunge vun der Chambre des Métiers hinzeweisen. Et bleift allerdéngs, dass d'Regierung mat deem Text, wéi mer en elo am Gesetz hunn, d'Entwécklung och méi opmierksam verfolge muss, wann eng Dérive duerch esou eng Formulatioun, wéi de Statsrot se proposéiert huet, géif entsto.

Dann nach wëll ech soen, dass d'Gesetz sech och mat der Organisation vun den Examen beschäftigt. Fir d'Éischt gëtt de Mindestalter ofgeschafft, fir un de prak-te-sche Prüfungen deelzehuelen; amplaz dräi Joer, wéi bis elo, muss de Kandidat wéins-tens ee Joer am Beruff geschafft hunn.

Da gëtt och d'Examenskommissioun fir de Meeschterbrevet geännert. Den Direkter vun der Berufsausbildung am Ministère de l'Éducation nationale, deen d'Kontroll vun der Ausbildung als Kompetenz huet, kann net méi zugläich President vun der Exa-menskommissioun fir d'Coursé vun der Or-ganisatioun an der Gestiou vun den En-treprises a vun der Pédagogie appliquée sinn.

D'Examenskommissioun soll an Zukunft vun engem effektiven an engem Ersatz-member pro gepréifte Modul zesummege-sat ginn. A fir d'Modulë vun de Cours de technologie a vun der Pratique profes-sionnelle soll eng eenzeg Examenskom-miss-ioun pro Beruff agesat ginn.

Wéinst dem Mangel un Experten, sollen amplaz fënnef elo dräi effektiv an dräi Er-satzmembre vum Minister fir dräi Joer ge-nannt ginn.

Dat sinn, Här President, déi wesentlech Ännerunge vun dësem Projet.

Ech wëll just ofschléissend nach eng Re-marque och à l'adresse vun der Regierung maachen: Déi Form vu Gesetz, déi mer hei stëmme, si jo fir den einfache Bierger an och esouguer fir Leit, déi méi wéi en einfache Bierger sinn, net ze liesen.

(Interruption)

Ech menge Spezialisten, déi sech domat ofginn. Se sinn net ze liesen, an dofir dré-cken ech hei d'Hoffnung aus, dass se méi liesbar gemaach ginn doduerch, dass een eng konsolidéiert Versioun vun deem ëmgeännerte Gesetz vum 11. Juli 1996 esou schnell wéi méiglech virleet, an do-mat ginn ech dann den Accord vun der LSAP zu dësem Gesetz.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot, deen och ganz kloer an detailléiert war. Ech hunn elo hei nach agedroen den Här Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).**- Här Pre-sident, et géif jiddwereen arrangéieren, wa mer no fënnef an enger hallwer Stonn Sitzung géife soen, mir schléissen elo ein-fach of, mä dat wär awer,...

(Interruptions et hilarité)

...hu mer gemengt, net ganz richtig. Och wann dëse Projet e klenge Projet ass, ass et trotzdem e wichtige Projet, well et hei ëm ee wichtige Secteur geet an och ëm wichteg Leit geet.

Ech wëll awer fir d'Éischt dem Ben Fayot Merci soe fir säin explizite schrëftlechen a mëndleche Rapport, wéi mer dat vun him gewinnt sinn. Mir sinn an enger Zäit, déi jo elo ëmmer beschriwwen gëtt als eng Zäit vun der Kris. An duerfir sinn och all déi Leit, déi direkt an engem Secteur schaffen, wou déi Kris fir si eng Bedroung duerstellt, Leit, fir déi mer eis sollte ganz besonnesch Suerge maachen.

Mir schwätze jo och vill vu Kompetitivitéit. Och wann an der politescher Diskussioun net jiddwereen dëser Kompetitivitéit déi-selwecht Wichtegkeet bäimoost, esou si mer eis awer all bewosst, dass déi kleng- a mëttelstänneg Betriber eng vun den Haaptstäipe vun eiser nationaler Wirtschaft zu Lëtzebuerg sinn, well hei an dësem Sec-teur déi meeschten Aarbechtsplaze ge-schafe ginn an déi meeschte Leit zu Lëtze-buerg schaffen.

An hirer Publicatioun „L'artisanat: chiffres-clés 2009“ vun der Chambre des Métiers kann een noliesen, dass 2009 a 5.300 Be-triber 72.000 Leit zu Lëtzebuerg geschafft hunn; par rapport zu 2008, esou schreiwe se, sinn 260 Betriber derbäikomm an et goufen 2.100 Persounen agestatt. Dës Be-triber sinn - et gëtt eng Rei Kritären, déi se zousätzlech eigentlech gutt beschreiwen - dezentral am Land, bidden Aarbechtspla-zen no bei de Leit, a ville Gemengen do-heem. D'Handwerk ass ee Secteur, dee Leit integréiert vu verschiddene Beruffer, vu verschiddenen Nationalitéiten.

Op där anerer Säit sinn déi Betriber engem internationalen an och regionalen Drock aus-gesat a kënnen sech nëmmen duerch ee gutt Ëmfeld, duerch gutt Strukturen an ei-sem Land, an awer och duerch héich Qua-litéit vun hire Produkten, an dat geet nëm-men duerch héich Qualitéit vun der Aus-bildung vun hirem Personal, behaapten. Duerfir kënn der Ausbildung an och dem Meeschterdiplom eng ganz besonnesch Schlësselroll zou. De Meeschter ass dann do dernéist awer och nach deen, dee selwer ausbild - dat dierf een och net ver-giessen -, well d'Léierbouwen an d'Gesel-len d'Konscht vum Handwerk bei engem Meeschter léieren.

► **M. André Bauler (DP).**- An d'Léier-meedercher.

► **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).**- An d'Léiermeedercher. Selbstverständlech, Här Bauler.

Mä well d'Handwerk an d'wirtschaftlecht Ëmfeld sech permanent veränneren, esou

ass et um Gesetzgeber derfir ze suergen, dass d'Ausbildung zum Meeschter dëser Entwécklung net hannendruleeft. Mat deem Gesetzesprojet vun haut gëtt et eng Rei Punkten, déi wichteg sinn, zum Bei-spill: datt de Mindestalter verschwénnt, dass een amplaz vun dräi Joer nëmme méi ee Joer am Beruff geschafft huet, dass d'Virbereedungscoursen zum Meeschterdi-plom fir all d'Leit op sinn, dass et och eng Weiterbildungsméiglechkeet ass, dass d'Coursé modular enseignéiert ginn, dass den Diplôme d'aptitude professionnelle, deen nei ass, unerkannt gëtt, an esou wei-der. Ech ginn net méi op all déi Detailler an, déi de Rapporteur jo beschriwwen huet.

Duerfir wëll ech et kuerz maachen an och zum Schluss kommen. Här President, dëse Projet verbessert d'Rahmebedingunge fir den Accès zum Meeschterdiplom. A mir sinn an der Hoffnung, dass doduerjer vill jonk Leit och méi séier kënnen an déi Aus-bildung erakommen, dass se dat och maa-chen.

An der Hoffnung, dass dëst Gesetz ebe vill Handwierker uspornt, fir sech weiderzebil-den, fir de Meeschter ze maachen, sech eventuell eng Kéier selbststänneg ze maa-chen, an der Iwwerzeegung, dass heimad-der dem Handwerk eng Chance fir méi Kompetitivitéit duerch d'Qualitéit vu sen-gem mënschleche Kapital gelescht gëtt, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Jean-Paul Schaaf. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Ber-ger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et handelt sech bei deem virleiende Projet ëm verschidden Adaptatiounen vum Gesetz vu '96, deen de Rapporteur schonns ganz detailléiert hei erkläert huet. Och a sen-gem schrëftleche Bericht fanne mer vill Detailler. Duerfir beschränken ech mech op eng, zwou Remarques zu dem Text.

Mir haten et bei dësem Projet, wéi scho bei enger Rei anere Projeten aus dem Domän vum Enseignement, domadder ze dinn, datt de Statsrot net dermat d'accord war, datt verschidden Ausféierunge vum Gesetz sollten iwwer Reglementer ge-maach ginn. Et huet sech dobäi méi spezi-fesch ëm déi Dispositioun gehandelt, datt selon les besoins eng Lëscht vun de Coursen, déi vun dem Ministère per Regle-ment organiséiert ginn, publizéiert gi wären.

De Statsrot huet och zu Recht drop verwi-sen, datt d'Verfassung an hiren Artikel 23 dobäi invoquéiert, an duerfir ëmsou méi d'Noutwendegkeet, datt mer endlech deen Artikel 23 vun der Verfassung sollen änneren. Ech hat dat hei schonn eng Kéier...

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Ech géif lech bie-den, dem Här Berger nozelauschten.

(Interruption)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Ech sinn och ganz kuerz.

Also nëmmen nach eng Kéier de Rappel, datt also d'Aarbechten, déi an där zoustän-neger Kommissioun sinn, déi sech mat der Verfassungsmännerung beschäftigt, och den Artikel 23 do sollen op de Leescht huelen, fir datt dat eis dann och herno méi Souplesse gëtt bei den Aarbechten an de Schouldossieren, datt mer net all Kéiers mussen nei légiféréieren, wann een déi eng oder aner Ausféierungsbestëmmunge wëllt änneren.

Meng zweet Remarque betrëfft déi vun dem Artikel 1 (3), dee mer elo dann nom Wonsch vum Statsrot formuléiert hunn, a wou da geschriwwen steet, datt d'Coursen organiséiert ginn «à la demande d'un can-didat». Mir sinn eis jo all am Kloten, datt et net onbedéngt wëschenswäert ass, datt all eenzelne Kandidat, all eenzelnen Interesséierten dat kéint invoquéieren an do fir jiddwer Eenzelne soll e Cours organi-séiert ginn.

Mir waren och an der Kommissioun der Meinung, datt een dat an der Praxis esou kéint ausleeën, datt een dat do awer kéint ganz - wéi soll ech soen? - organiséieren,